N°3322
Entrée le 10.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.12.2025
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

D'Taxigesetz vun 2016 huet ënner anerem eng national Ulafstell fir Reklamatioune vu Clientë geschaf. D'Informatioune, déi iwwert deen Wee era kommen, gi vun dem Service fir Taxie vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten traitéiert.

An deem Kontext géinge mir der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wéi vill Reklamatioune sinn déi läscht fënnef Joer (opgeschlësselt pro Joer) bei dem Service fir Taxien agereecht ginn a wat sinn d'Haaptgrënn fir dës Reklamatiounen?

- Wéi vill vun dëse Reklamatiounen hunn zu formellen Enquêtë gefouert a, wann ubruecht, wat fir konkret Moossname sinn aus dësen Enquêten ervirgaangen ?

- Huet de Ministère e System fir dëse Reklamatiounen ze analyséieren an nozegoen ? Wa jo, wat fir Moossname goufen opgrond vun dësen Analyse geholl oder si geplangt fir d'Qualitéit vun den Taxi-Servicer ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt

Yves Cruchten
Deputéierten

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu